PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Et gesäit een se an den Zeitungen, als Reklamm um Internet an op Affiche bei de Busarrêten. Ried ass vun der Affiche *"Lët'z fight Omicron"*.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Agence gouf mam Ausschaffe vun der Affiche *"Lët'z fight Omicron"* beoptraagt?
2. Wéi vill huet d'Ausschaffe vun dëser Affiche kascht?
3. Wéi ee Montant ass fir d'Publicitéit virgesinn?
4. Gouf dës Campagne ausgeschriwwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député